

Lëtzebuerg, de 24. Mäerz 2019

Präzisiounen zur Formation continue

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

An engem Communiqué vum Educatiounsminister vum 20. Mäerz (hei als Annex) ginn d'**Auswierkunge vum Geriichtsuerteel** vum 12. Februar **op eis Tâche** präziséiert.

Heizou stellen sech fir eis awer nach eng Rei **Froen**, déi mir esou séier wéi méiglech wäerte probéieren **beäntwert ze kréien**.

Mir wëllen awer ausdrécklech drop hiweisen, dass **komplett onofhängeg** vun der Unzuel u FoCo-Stonnen, déi mir Enseignanten **am Kader vun eiser Tâche** bis ewell hu misste leeschten an zukünfteg nach wäerte mussen leeschten, am **Traitementsgesetz** vun 2015 eng Konditioun zur Unzuel u FoCo-Stonne besteet, déi ee muss kënne virweisen, **fir net an der Karriär blockéiert ze ginn!**

Wéi mir schonn an eisem **Communiqué vum 5. November 2018** ausféierlech duergestallt haten, **gëllt** nämlech **ab dem 1. Oktober 2020 d'Konditioun**, dass d'Professeren¹ E7 an d'Chargés d'enseignement² E4/E6 fir d'**Erreechen an d'Iwwerschreide vum Echelon 14** an hirem jeeweilege Grad **180 Stonnen** Formation continue mussen nowiesen.

Fir d'**Professeren A1** gëllt, dass si mussen 72 Stonne FoCo nowiesen, fir kënnen an de Grad 15 z'avancéieren (12 Joer no hirer Nominatioun) an 180 Stonnen, fir kënnen an de Grad 16 z'avancéieren (20 Joer no hirer Nominatioun).

Fir d'**Employéén A1** gëllt, dass si mussen 180 Stonne FoCo nowiesen, fir kënnen an de Grad 15 z'avancéieren (20 Joer nom Ufank vun hirer Karriär).

Dës oder ähnlech FoCo-Konditiounen am Bezuch zur Karriär gëllen **net nëmmen fir eis Enseignanten**, mee säit 2015 am Prinzip **fir all Agent bei Staat**, onofhängeg vu sengem Statut, ob Fonctionnaire oder Employé.

Besonnesch fir eng Rei Kolleginnen a Kollege Professeren E7 ass et net evident, dass si beim Zäitpunkt vum Erreeche respektiv Iwwerschreide vum Echelon 14 déi 180 Stonne FoCo wäerte kënne virweisen, och wann si déi hirer Tâche entspriechend Mindestzuel un obligatoresche FoCo-Stonne Joer fir Joer gelescht hunn. Dës Problem stellt sech awer eréischt **ab dem 1. Oktober 2020**³.

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP huet Verrieder vum Educatiounsminister scho viru Méint op dës Problematik opmierksam gemaach, mee et gouf bis ewell nach näischt ënnerholl, fir entgéintzewierken. Mir wäerte jiddefalls alles dru setzen, dass **keen Enseignant a senger Karriär blockéiert gëtt**, dee säit 2007 déi laut senger Tâche virgeschriwwen Unzuel un obligatoresche Foco-Stonne gelescht huet!

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP

¹ Loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État / article 50 / paragraphe 5

² Loi du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État / article 68 / paragraphe 1 / alinéas 3 et 4

³ Weider Detailler a Präzisiounen heizou fannst Dir an eisem **Communiqué vum 5. November 2018** op eisem Site www.feduse.lu



Luxembourg, le 20 mars 2019

Madame,
Monsieur,

Un récent arrêt de la Cour administrative a annulé deux dispositions du règlement grand-ducal du 6 septembre 2016 portant modification (...) du règlement grand-ducal modifié du 24 juillet 2007 portant fixation de la tâche des enseignants des lycées (...), à savoir celles relatives à la formation continue obligatoire des enseignants et à l'introduction d'un coefficient correcteur en classes d'examen.

1. Formation continue obligatoire

Devant les défis auxquels l'École doit faire face dans une société en constante mutation, il ne saurait être question de renoncer à la formation continue des enseignants, qui constitue un instrument essentiel de toute politique éducative moderne.

Aussi le principe d'une obligation de formation continue, inscrit jusqu'à présent dans le seul règlement grand-ducal, sera-t-il ancré dans la loi. Le volume de la formation continue restera fixé à 48 heures sur une période de trois ans.

Vous pourrez opter pour l'une des deux possibilités suivantes :

- faire débiter une nouvelle période de référence au 15 septembre 2019 ; dans ce cas, il ne sera pas tenu compte des formations antérieures ;
- garder le bénéfice des formations antérieures en continuant à faire courir la période de référence entamée.

Votre direction vous contactera sous peu en vue du choix à effectuer.

2. Coefficient correcteur

Il convient de distinguer deux cas :

- le coefficient correcteur de 1/36 ou de 2/36 tel qu'il a été prévu par l'accord de médiation n'a jamais été appliqué en raison de l'allongement de la durée des cours ;
- le coefficient introduit pour les branches qui ne figurent pas à l'examen et dont les cours ne sont pas assurés pendant toute la durée de l'année scolaire (p. ex. éducation physique et cours à option à l'ESC), est abandonné. Les tâches des enseignants concernés seront adaptées en conséquence pour l'année scolaire en cours.

Veuillez agréer, Madame, Monsieur, l'assurance de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse